



**Äntwert vun der Justizministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n°5967 vum 22.
März 2022 vun dem honorabelen Deputéierten Här Roy Reding**

Ad 1

D'Gerichter an d'Barreaux'en verfügen iwwert d'Lëscht vun den Affekote déi d'Formatioun zum Kanneraffekot suivéiert hunn. 105 Affekoten sinn aktuell op dëser Lëscht ageschriwwen. Dovunner sinn 88 Affekote Fraen a 17 Affekote Männer.

Ad 2

Der Regierung ass kee Fall bekannt wou et säit dem Akraafttriede vum neie Scheedungsgesetz zu enger Zesummenaarbecht tëscht dem Kanneraffekot an dem Scheedungsaffekot vun der Mamm oder dem Papp vum Kand komm ass. A ville Fäll trifft de Kanneraffekot béid Elteren individuell fir iwwert d'Situatioun vum Kand ze schwätzen. De Kanneraffekot kann am Kader vu senger Missioun och mat anere Persoune schwätzen, ouni dass dëst eng Obligatioun fir de Kanneraffekot duerstellt (zu dëse Persoune kënnen zum Beispill Professioneller zielen, déi am Alldag mam Kand ze dinn hunn, wéi och d'Personal vum SCAS, Familljemembere an d'Affekote vun der Mamm, respektiv dem Papp). Et ass ganz kloer, dass de Mandant vum Kanneraffekot d'Kand ass, an net een Elterendeel.

Ad 3

Der Regierung leie keng Zuele vir, a wéi ville Fäll d'Garde fir d'Kand virun dem Akraafttriede vun der Reform vun 2018 der Mamm, respektiv dem Papp zougesprach gouf.

Duerch d'Reform vun 2018 ass d'Notioun vun der Garde ewechgefall. Dowéinst ass zënter dem Akraafttriede vum Gesetz vum 27. Juni 2022 kengem Elterendeel d'Garde fir d'Kand zougesprach ginn.

Et gëtt net statistesch erhuewen a wéi ville Fäll d'Residenz vum Kand bei der Mamm, respektiv beim Papp fixéiert gëtt. D'Residenz vum Kand gëtt an der Majoritéit vun de Fäll vun de Parteien selwer fixéiert. Falls d'Elteren sech net iwwert d'Residenz vum Kand eens ginn, decidéiert d'Gericht am Interessi vum Kand. Falls béid Elteren änlech Fähegkeeten fir d'Erzéiung vun de Kanner hunn an den Alter vum Kand an d'Liewenskonditiounen vun den Elteren et zouloossen, da probéiert d'Gericht am Interessi vum Kand eng "résidence alternée" ze fixéieren. Falls dës Konditiounen net erfëllt sinn, fixéiert d'Gericht d'Residenz vum Kand bei engem Elterendeel.



Ad 4

D'Regierung huet keng Statistiken iwwert d'Zommen vun den Alimenter.

D'Héicht vun den Alimenter variéiert jee no der Unzuel vun de Kanner, hire Besoinen an der finanzieller Capacitéit vun den Elteren zum Ënnerhalt an der Erzéiung vum Kand bäizesteieren, a gëtt dowéinst an all Fall individuell ugepasst.

Doduerch, dass de Riichter dës Krittäre bei der Festsetzung vun den Alimenter berücksichtegt, kënn et net zu enger Diskriminéierung géigeniwwer vu Pappen oder Mammen.

Ad 5

Déi opgezielte Krittäre gi vum Riichter genotzt fir déi perséinlech Alimenter vun engem Ex-Conjoint bei enger Scheedung ze bestëmmen. Fir d'Fixatioun vun den Alimenter fir d'Kand ginn aner Krittäre benotzt. Ech verweisen op d'Äntwert op d'Fro n°4.

D'Akommes vun engem Elterendeel ass sécher e wichtege Parameter fir d'Fixatioun vun den Alimenter fir d'Kand, mee kann net als eenzege Krittär dofir déngen, well et der Gesamtsituatioun vum Kand net objektiv genug Rechnung dréit.

D'Regierung plangt net d'Krittären zur Bestimmung vun den Alimenter fir d'Kand ze änneren.

Lëtzebuerg, den 15 Abrëll 2022.

D'Justizministesch

(s.) Sam Tanson